National News

E Sonndeg huet sech zu Bënzelt alles ëm d'Gromper gedréint

Op der 9. Editioun vum Bënzelter Gromperefest hunn 8 Veräiner aus der Ëmgéigend fir Jonk an Al e flotten an informative Programm op d'Bee gestallt.

Modern an al Traktere goufe gewisen, et konnt ee matmaache bei Concoursen am Grompere-rafen, an et goufen eng ganz Rëtsch Informatiounen iwwert d'Geschicht an d'Recherche iwwert d'Gromper. A bei all deem huet d'Maskottche Batti-Patatti fir gutt Stëmmung gesuergt.

Et ass erstaunlech, wat a sou enger Gromper alles dran ass. Polyphenole, Carotenoide, Proteine, Mineralstoffer, Vitaminnen. Eng Gromper ass och net gläich eng Gromper. Ëm déi 25 Zorte ginn hei zu Lëtzebuerg ugeplanzt, weltwäit eng puer dausend.

Sou Saache gouf een zu Bënzelt gewuer, wou nieft de Veräiner och de CRP Gabriel Lippmann an d'Lëtzebuerger Setzgromperegesellschaft, d'Synplants vu Klierf, op hire Stänn informéieren. Fir den Animatiounsprogramm gouf extra e grousst Feld Grompere geplanzt.

Eng 20 Zorten, déi hei am Land ugeplanzt ginn, goufen um Stand vu Synplants ausgestallt. Vun deene ginn der awer eng ganz Rëtsch an d'Ausland exportéiert.

Och de CRP Lippmann beschäftegt sech mat deem wichtege Liewensmëttel. An Zesummenaarbecht mat engem Fuerschungszenter am Peru, déi un iwwert 4.000 verschiddene Gromperenzorte fuerschen, beschäftegen si sech mat den Inhaltsstoffer, fir rauszefanne wéi eng Grompere besser si fir d'Gesondheet wéi anerer.

Natierlech ass beim Bënzelter Gromperefest awer och gutt gelaacht, gedronk a giess ginn, z.B. Gromperekichelcher a Gromperenzopp. Bei herrlechem Wierder huet et de Leit einfach nëmme gutt gefall.